# How to start scouting

Dës Fiche soll alle neie Guiden a Scouten, beziehungsweis hiren Elteren, beim Zesummensetze vun hierem éischte Campmaterial ënnerstëtzen. Bei alle neie Member stellt sech spéitsdens virum Camp d'Fro wéiee Material ee brauch a wat een alles kafe soll.

## Allgemenges

Verschidde Saache gehéieren zur Grondauststattung vun all Guide a Scout, ma weess een Ufanks net direkt op wat ee soll beim Kaaf oppassen. Vill vun dëse Saache kann ee säi Liewe lang halen, dofir ass eis Devise:

> **Direkt dat richtegt kafen an dofir nëmmen eemol.**

Net alles muss nei sinn. "Wat ass méi cool wéi der Mama oder dem Papa seng/hier al Gamelle mat op deCamp ze huelen?". Oder eventuell huet däi lokale Grupp och eng Këscht mat gebrauchtem Material wat ee kréie kann, fro mol no.

Hei ass eng onvollstänneg Lëscht vu Material wat ee sou brauch, no a no sollen déi eenzel Punkten hei am Dokument behandelt ginn (zu deenen ënnerstrache Saache gëtt et well ee Kapitel):

- **Allegemeng**
  *Rucksak, Täschelucht, Täschemesser*
- **Eessen**
  *Gamelle, Becher, Besteck, Bidon, (Kocher)*
- **Schlofen**
  *Schlofsak, Carrymat, (Zelt)*
- **Gezei an Uniform**
  *Hiem, Foulard, Box, Jackette, ...*
- **Wäschen**
  *Zännbiischt, Seef, Handduch*

Natierlech hänkt et stark dovunner of a wéienger Branche dass een ass. Sou brauch zB. ee Wëllefche keen Zelt an ee CaraPio keng Seef...

## Gamelle

Wann mer eis direkt eng gutt Gamelle kaafen, dann kënne mir déi eist ganzt liewen halen. Gamelle gëtt et vill an d'Auswiel ass oft schwéier, ma hei epuer Punkten op déi een oppasse kann:

**Material** :: Inox ass laanglieweg, rascht net, ass hygienesch a liewensmëttelecht. Well mir um Feier kachen ass et ganz wichteg dass kee Plastik verschafft ass.

**Beschichtung** :: Am beschten huet eis Gamelle keng Beschichtung, dann hale se am längsten an iwwerliewenoch eis abenteuerlechsten Aktivitéiten.

**Form a Gréisst** :: Am beschte sou dass de Becher drann passt, ma dat hänkt och vun der Form of.

**Gréff** :: Wann ee Gréff dobäi ass, soll dësen aus Metall an ouni Plastik sinn, fir dass e net am Feier schmëlzt.

> **Tipp!**
>
> **Gravéier däi Numm op däi Material, dann vertauschs de et um Camp net! Dat kann och um oder virum Camp zesumme gemaach ginn.**

## Bidon

De Bidon hu mir op quasi all eisen Aktivitéiten dobäi. Sief et um Camp, op engem Rallye, enger Sortie oder einfach an eisem Alldag.

**Material** :: Bidonen fënnt een am Plastik, Glas oder Metall. Glas ass fir bei de Guiden a Scouten denkbar ongënsteg well et am Rucksak ka briechen. Hei ass natierlech Inox déi wahrscheinlech langliewegste Variant. Wichteg ass dass d'Fläsch bannendranner net beschicht ass. Anstänneg Qualitéit vermeit datt d'Dichtung oder d'Beschichtung ofbliedert an am Mond land Mëttlerweil ginn et vill Marke bei deenen ee beim Kaf vun engem Bidon och eng ONG zum Thema Waasser ënnerstëtzt.

**Gréisst** :: Fir en Dagesausfluch oder Hike brauch ee meeschtens op manst ee Bidon vun 1 L Waasser. Fir ze vermeiden datt ee spontan niewent engem klenge Bidon nach eng

Einwegfläsch muss kafen, huel direkt een 1L Bidon mat.

**Stopp** :: Bidon mat anstännegen Verschluss: vermeid net nëmme Sauerei am Rucksak, mee och de Fait datt een no 2 Joer erëm en neie keeft well ee genervt ass. ;-)

**Isolatioun** :: Et gëtt och Thermobidonen, déi halen däi Waasser am Summer schéi kal an däin Téi am Wanter warem. Bedenk just dass se doduercher och méi Plaz am Rucksak weg huelen.

### Besteck

Am Buttik fanne mir ganz vill verschidde Forme Besteck: fir ze klappen, aneneenzestiechen, extraliicht, extra kleng asw. Mir brauchen allerdings net vill: Läffel, Forschette, Messer - näicht Extraes. Villméi wichteg ass dass mir et remerkennen, dofir gravéier däi Numm drann!

**Gréisst** :: Ee wichtege Kritère ass dass d'Besteck an d'Gamelle passt. Wann et knaschteg ass dann besaus de dir sou net däi ganze Rucksak.

**Material** :: Hei gëllt och rem: Plastik ass ze vermeiden, bei Aluminium gëtt et mëttlerweil gesondheetlech Bedenken, Inox ass rem di beschte Wiel. Ma net ze vergiessen, Besteck wat et well gëtt ass ëmmer besser wéi eppes neies kaafen.

**Recycling** :: Alt Besteck vun doheem matbréngen - d'Welt huet méi wéi genug Besteck fir jiddereen :-) Hei ass et dann och net sou schlëmm wann een aneren däi Besteck um Camp apéckt (jo, dat soll alt mol geschéien) oder wanns du et verléiers.

### Täschelucht

Beim Nuetsspill, fir den Text vum Camplidd beim Lagerfeier ze liesen oder fir am Däischteren de Weeop d'Toilette ze fannen: Täscheluucht kënnt all Dag um Camp oder Weekend an den Asaz. Och wannee grad als méi ale Scout ëmmer eng Handytäscheluucht dabäi huet, sou ersetzt dës ni eng anstännegTäscheluucht.

**Kapp- oder Handluucht** :: D'Meenunge zu Kapp- oder Handluucht gi wäit auseneen. De grousse Virdeel vun enger Kapp-luucht ass de Fait, datt ee permanent zwou Hänn fräi huet, wat bei quasi all den Aktivitéiten eenorm praktesch ass. Dat bedeit natierlech awer datt ee permanent e Band ëm de Kapp huet. Schlussendlech ass et eng Fro vu Firléift.

**Hellegkeet** :: Fir datts du och am Däischteren deng Zännbiischt an der Wiss erëm fënns, soll denger Täsche-luucht hir maximal Liichtkraaft 200 - 400 Lumen hunn.

**Batterie** :: Haut fënnt ee vill Täscheluuchten, déi mat engem opluedbaren Akku fonktionnéiren. Dëst ass huet souwuel ökologesch wéi och ökonomesch Virdeeler. Allerdéngs sollst de bedenken, datt et Campsituatioune ginn, wous du (bal) keng Méiglechkeeten hues, däin Akku ze lueden. Dofir ass eng Täscheluucht, déi suwuel mat Akku wéi och mat Batterie fonktionéiert, usech déi perfekt Léisung.

---

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*How to start scouting, Editioun vum 12. September 2021*

---